ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 2842

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. September 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An der Gemeng Lëtzebuerg leeft am Kader vun *der Semaine de la Mobilité douce* déi zweet Editioun vum Concours „Zu Fouss, mam Vëlo oder Bus an d'Schoul". Si fänkt den 21. September un an dauert bis de 16. Oktober.

D'Schoule ginn dobäi invitéiert, de Kanner, déi zu Fouss, mam Vëlo, mat der Trottinette oder mam Bus kommen, e Sticker ze ginn, dee si dann op e Support peche kënnen. Déi Schoul mat de meeschte Stickere gewënnt a gëtt ausgezeechent.

Well déi Saach um pedagogeschen a momentan och um sanitäre Plang eng Rei Bedenken opwerft, géing ech dem Här Schoulminister gär e puer Froe stellen:

1. Ass den Här Minister der Meenung, datt dës Aktioun net am Widdersproch steet, zu de Virschrëften an Recommandatiounen, déi d'Regierung am Kader vun der Covid19-Verbreedung zënter Méint mécht? Ass den Här Minister sech bewosst, datt de Gesondheetsministère matgedeelt huet, datt dës Zäit mat méi enger héijer Zuel vun Infektioune gerechent gëtt, duerch de Retour aus de Vakanzen? Weess den Här Minister, datt d'Regierung der Populatioun gesot huet, datt d'Ustiechungsgefor am ëffentlechen Transport besonnesch grouss wier? Ass den Här Minister sech doriwwer am Kloren, datt d'Regierung kommunikéiert huet, datt d'Kanner grad esou ufälleg an ustiechend sinn ewéi en erwuessene Mënsch? Kéint a misst de besote Concours, an aller Logik, dann net dozou bäidroen, datt d'Infektiounszuele bedeitend klammen an dëst a kuerzer Zäit?
2. Ass den Här Minister der Meenung, datt esou e Concours Drock op d'Kanner an d'Elteren ausüübt? Ass den Här Minister sech de méiglechen Auswierkunge vun esou enger Aktioun op d'Entscheedungsfräiheet vun den Elteren an/oder de Kanner bewosst? Ass dës Aktioun dowéinst net schliisslech och en Agrëff an domat eng Verletzung vun der Privatsphär vun de Familljen?

3. Denkt den Här Minister, datt esou e Concours an enger Diskriminatioun vu Kanner, deenen hir Eltere si mam Auto an d'Schoul brénge wëllen – wat ëmmer nach hiert gutt Recht ass – resultéiere kann? Ginn d'Kanner ewéi och d'Elteren an der Schoul domat net bewosst stigmatiséiert, wat zwangsleefeg och d'Relatioun tëscht de Kanner an hiren Eltere belaascht? Ginn doduerch net emotional Konflikter a Spannungen an der Famill provozéiert, fir e bestëmmtent politesch-ideologescht Zil ze erreechen oder virunzedreiwen? Ass den Här Minister der Meenung, datt esou en „ëmerzéienden" Concours an enger ëffentlecher schoulescher Institutioun iwwerhaapt vertrietbar ass?

4. Gesäit den Här Minister e Feelverhalen doranner, wann eng bestëmmte politesch Ideologie an der Schoul konsequent propagéiert a populär gemaach gëtt? Hält den Här Minister et fir legitim, datt esou e politesch-ideologescht Zil ëmgesat gëtt mat Hëllef vu gesellschaftlechem Drock, deen iwwert de Wee vun engem Belounungssystem an/oder enger Kennzeechnung vun alle fräiwëlleg an onfräiwëlleg Bedeelegten opgebaut gëtt? Ass dat net eng Verletzung vun der Neutralitéitsflicht vun der Schoul? Ass den Här Minister der Meenung, datt et eng Aufgab oder e Recht vun der Schoul ka sinn, duerch eng Zort Gruppenzwang, d'Gesellschaft iwwert d'Famill politesch ze „erzéien"?

5. Fënnt den Här Minister et net problematesch, datt e Concours an enger ëffentlecher Schoul mat „Symboler"/„Kennzeechnungen" operéiert, déi en Deel Schüler vun aneren ofhiewen? Ass dat net u sech schonn eng bedenklech Praxis, déi awer grad och am Kontext vun där vum Educatiounsministère propagéierter „inklusiver" Schoul kontraproduktiv a Feel um Plaz ass?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2842 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

D'Zil vun der europäescher Mobilitéitswoch ass, d'Bevëlkerung fir eng méi nohalteg Mobilitéit ze sensibiliséieren an si iwwer déi ënnerschiddlech Méiglechkeeten a Virdeeler ze informéieren. Dëst Joer ass d'Thema vun der Mobilitéitswoch "Une mobilité zéro émission pour tous" a baséiert um europäeschen Zil bis d'Joer 2050 e klimaneutraalt Europa ze erreechen.

Esou soll duerch d'Opweise vun Alternativen zum Auto ewéi beispillsweis de Vëlo d'Accessibilitéit vun Transportmëttelen ouni (respektiv mat manner) Emissiounen ënnerstrach ginn. Am Kader vun den nationalen an europäeschen Ziler vun enger nohalteger Entwécklung kann een net vun enger politescher Ideologie schwätzen, mee vun engem néidege gemeinsamen Effort, fir eis Natur beschtméiglech ze schützen an hir limitéiert Ressourcen ze erhalen.

Och am schoulesche Kontext ginn d'Kanner schonn ab dem Cycle 2 op d'Relevanz vun der Natur an hir limitéiert Ressourcen higewisen. Am Laf vun hirem Schoulparcours kréien si op ënnerschiddlech Aart a Weis bäibruecht, wat d'Interrelatioune vun hirem Verhalen op d'Natur sinn. Si léieren, wéi een déi natierlech Ressourcen nohalteg kann notzen a wéi ee respektvoll mat der Natur ëmgeet. Si léieren hir Roll ze erkennen, hir Consommatioun ze analyséieren an ze hannerfroen an déi néideg Responsabilitéit fir hiert Verhalen ze assuméieren. An dësem Kontext mécht d'Participatioun um Projet vun der Mobilitéitswoch Sënn, well d'Kanner dat, wat si geléiert hunn, direkt an hirem perséinlechen Alldag kënnen uwennen.

Heibäi kënnt, datt duerch Alternativen zum Auto och d'Gesondheet an heiduerch d'Liewensqualitéit vun de Participantë gefërdert gëtt. Ewéi och schonn am Programm "Gesond iessen. Méi beweegen" ënnerstëtzt mäi Ministère d'Beweegung vun de Schüler, fir hir Gesondheet ze fërderen.

De Kader vum Programm ass en inklusiven, dee versicht, déi ganz Bevëlkerung mat anzebezéien an eis all an eisem eegene Verhalen ze hannerfroen an ze responsabiliséieren. Heibäi ass et selbstverständlech all Schüler respektiv hiren Elteren iwwerlooss, ob an a wéi enger Form si heirun deelhuelen. Onofhängeg vu geographeschen a sozio-ekonomeschen Ënnerscheeder kann all Mënsch säi Beitrag leeschte fir en klimaneutraalt a solidarescht Europa.

De Kontext vum Schoulwee an der Stad ass sécherlech ee speziellen, well, anescht ewéi um Duerf, all Quartier seng eege Schoul huet. Deemno ass duerch d'Proximitéit tëscht der Schoul an dem Doheem vum Kand de Wee mam Auto net ëmmer sënnvoll an et gi schonn haut vill Schüler zu Fouss an d'Schoul. Op wéi eng Aart a Weis e Kand an d'Schoul geet, hängt allerdéngs och ëmmer vun ënnerschiddleche Facteuren of. Esou kann den Alter vum Kand entscheedend sinn, mee och ob d'Elteren d'Kand wëllen an d'Schoul begleeden, wéi sécher d'Elteren de Schoulwee aschätzen. Am Kader vun der Mobilitéitswoch kréien d'Elteren duerch de Projet den Ureiz, och mol aner Méiglechkeeten auszeprobéieren a mat hire Kanner ze entdecken. Se bitt ausserdeem den Elteren eng Méiglechkeet, d'Verantwortungsbewosstsinn vun hire Kanner ze préiwen an si eventuell no dëser Woch, jee no Alter vum Kand, eleng an d'Schoul goen ze loossen.

D'Aktioun "Zu Fouss, mam Vëlo oder Bus an d'Schoul" ass eng Initiativ vun der Stater Gemeng an ënnerläit deemno hirer Verantwortung. Duerch déi uewe genannte Grënn ënnerstëtzt mäi Ministère d'Konzept an de Gedanke vu Gesondheet an Nohaltegkeet vun dëser Aktioun.